N°385
Entrée le 23.02.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 23.02.2024

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 23/02/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, biede mir lech, dës parlamentaresch Fro un de Premierminister an d'Ministere fir Finanzen, Ëffentlechen Déngscht & Wirtschaft weiderzeleeden.**

Am Joer 2023 ass de Gesetzesprojet 8154 gestëmmt ginn. Hei ass et ëm e Finanzéierungsgesetz gaangen, wou de Staat 273,5 Milliounen investéiert an e Gebai, dat den Numm „K22" dréit a jeeweils zur Hallschent vum Staat an ArcelorMittal kaf a geréiert gëtt.

Dëse Projet ass vun der CSV, zu deem Zäitpunkt nach an der Oppositioun, staark kritiséiert ginn. Den honorablen Deputéierte Laurent Mosar huet an der Debatt dovu geschwat, dass d'Regierung mat dësem Kaf hir Glafwierdegkeet verléiert an hei ëffentlech Gelder mat der Strenz ausgedeelt ginn. Och déi Honorabel Deputéiert Diane Adehm huet am Februar an engem Interview dorops higewisen, dass de Staat esou Gebaier net méi kafen dierft. Dës Aussoe passen an de Kader deen den Här Finanzminister Gilles Roth mëndlech setzt, wou en an engem rezenten Interview dovunner schwätzt, dass ee d'Steigerung vun den ëffentlechen Ausgaben offlaache muss.

De Staat finanzeiert also aktuell e Gebai, wat, wéi déi honorabel Deputéiert vun der CSV et aschätzen, exzessiv Käschte generéiert huet, an et gläichzäiteg awer keen no bausse kommunizéierte Plang gëtt wéi een dëst Gebai optimal notze kann.

An deem Zesummenhang wéilte mir de Ministeren dës Froe stellen:

1. Ginn et säitens den ëffentlechen Autoritéiten Iwwerleeunge wéi ee mat dësem Gebai, beispillsweis duerch eng Locatioun oder e Verkaf, Recette genéiere kann? Falls nee, aus wéi enge Grënn ginn dës Iwwerleeungen, opbauend um uewen duergeluechte Constat, net gefouert?

2. Ginn et konkret Pläng wéi eng Departementer hei sollten an de Büroen ënnerbruecht ginn? Wéi gëtt de Choix virgeholl respektiv wéi sinn déi betreffend Servicer ausgewielt ginn? Wéi eng Virdeeler erhofft een sech duerch dëse Placement?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten

GOERGEN Marc
Deputéierten

POLIDORI Ben
Deputéierten

N°385
Entrée le 26.03.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Finances

**Gemeinsam Äntwert vum Finanzminister, Gilles Roth a vum Minister fir Wirtschaft, PME, Energie an Tourismus, Lex Delles op d'parlamentaresch Fro n°385 vum 23. Februar 2024 vun den honorabelen Deputéierten Sven Clement, Marc Goergen a Ben Polidori**

D'Chamber huet de 5. Juli 2023 de Gesetzesprojet n°8154 fir den Deelkaf vum sougenannten Gebai K22 um Kierchbierg gestëmmt. Dat deementspriechend Gesetz ass de 24. Juli 2023 am Memorial A publizéiert ginn an den 28. Juli 2023 a Kraaft getrueden. Am Sënn vun der Gewaltentrennung opläit et der Regierung dëst Gesetz ze exekutéieren.

Op Propositioun vum fréiere Minister fir Transport an ëffentlech Aarbechte goufen Maachbarkeetsstudien, fir follgend Servicer am Gebai K22 ënnerzebréngen, an Optrag ginn:

| |
|---|
| Administration des ponts et chaussées |
| Administration des bâtiments publics |
| Administration des transports publics |

Des Weideren leeft eng Maachbarkeetsstudie fir ze kucken op de Service des aides au logement och am Gebai K22 kéint ënnerbruecht ginn.

Bei der Selektioun vun de Servicer goufe follgend Krittären a Betruecht gezunn :

- Proximitéit zu hire Ministère de tutelle, déi am Héichhaus ënnerbruecht sinn ;
- Méiglechkeet verschidde Surface vum Gebai zesummen ze benotzen;
- Compatibilitéit mat aneren externen Occupante vum Gebai ;
- Regruppement an domadder Vereinfachung vun der Zesummenaarbecht a kuerz Weeër.

Sollt sech an de Machbarkeetsstudien erausstellen, dass deen een oder anere Service net géif an d'Gebai passen, kënnen aner Servicer no selektionéiert ginn.

Lëtzebuerg, de 26. Mäerz 2024

De Finanzminister

(s.) Gilles Roth